ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Unterrechtsminister an un d'Madamm Familljeministesch weiderzeleeden.

De Staat ënnerstëtzt de Foyer de la femme, esou wéi och aner Organisatiounen, finanziell. Och solle verschidde Leit fir hir Aarbecht oder benevole Aarbecht beim Foyer de la femme vum Staat bezuelt gi sinn.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froe stellen:

1) Wéi eng Konventioune goufen an de leschte 25 Joer mam Foyer de la femme ofgeschloss?
2) Sinn an de leschte Jore Konventioune gekënnegt ginn, a wa jo, firwat? Sinn neier ofgeschloss ginn?
3) Wéi vill Persoune vum Foyer de la femme sinn an de leschte 25 Joer fir hir Aarbecht oder benevole Aarbecht vum Staat oder deelweis vum Staat bezuelt ginn? Wéi eng Beträg goufen dobäi ausbezuelt? Ëm wéi eng Aarbechten handelt et sech an deene Fäll?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742